



FAQ Réunions groupementales

Formatioun

- **Ween kann alles IFIS1 Formateur ginn?**

IFIS1-Formateur kann all Pompjee ginn, deen en FIS II an den ICI-Cours (Grondausbildung Instrukter) huet souwéi den Examen IFIS 1 gepackt huet.

- **Wéi ass et mat all den anere Coursen? (Motosseecours, GSE...)**

Am CGDIS sollen nieft de Grondausbildungen (FIS/SAP/COM) och weiderhi méi speziell Formatioune vu méi kuerzer Dauer ugebuede ginn (z.B. Motorsee, Fuer Sécherheetstraining, Ladungssécherung, etc.) an och néi Moduller derbäi kommen (Vegetatiounsbrand, Héichwaasser, Dier Éffnung, Abstützung, etc.).

An deem Sënn behalen natierlech och déi aktuell schonn ugebuede Coursë mat hiren Diplomer hier Validitéit.

- **Wéi ass et mat den Übungen déi een am CIS soll ofhalen?**

Den INFS wëll sécherstellen, datt am ganze Land déi nämmelecht Asaz Konzepter geléiert ginn an datt Neierunge méi séier kënnen an all CIS vermëttelt ginn. Aus deem Grond wäert am CGDIS den INFS fir all CIS e puer Sujete vir ginn, déi dann duerch en Instrukter gehale solle ginn. Dës Unzuel un obligatoresche Coursë gëtt der Kategorie vum CIS ugepasst.

All CIS ass awer weiderhi selwer responsabel, fir nieft dëse Coursë reegelméisseg intern Formation continue ze halen.

- **Wéi gëtt de BAT3 ugerechent?**

De BAT3 war och haut schonn eng Formation continue a keng Obligatioun, fir e Posten (z.B. Chef de Corps) ze bekleeden. Den Diplom behält am CGDIS awer natierlech seng Gëltegkeet an erméiglecht esou z.B. am Beräich vun der Präventioun, fir datt déi Persoun sech ka verschidden Deeler vun anere Coursen urrechne loossen.

- **Wei eng Coursë kann d'Jugendleedung an Zukunft halen?**

Ee Jugend Leeder däerf an Zukunft 3 vu 4 Deeg vum Cours d'Initiation Commun hale souwéi d'Moduller FIS I.1 an FIS I.2. Ee Jugend Leeder kann sech awer och als Éischt Hëllef Formateur oder aus IFIS I weiderbilden, an esou och de gesamten Cours bei de Jungendpompjeeën halen. Am anere Fall kann dëst z.B. am Gruppement duerch een Instrukter gehale ginn.

- **Musse sech Leit, déi sech fir een Cours ugemellt haten, elo nees néi umellen?**

An Zukunft gëtt d 'Umellung fir d 'Coursen duerch déi néi Lehrgangsverwaltungssoftware LEVESO staark vereinfacht.

Aus deem Grond mussen sech d 'Kandidaten nei fir d 'Coursen umellen, fir datt am LEVESO eng besser Bedarfsplanung kann gemaach ginn, an d 'Leit net méi mussen esou laang op ee Cours waarden. Dëst och mam Hannergrond, datt et déi haiteg Formatiounen (BAT1, Sauvetage, etc.) net méi ginn, an d 'Leit am CGDIS soumadder sech entscheede mussen, wéi eng vun de néie Formatiounen si maache wëllen.

- **Wéi fonctionnéiert et mat den Update-Coursen?**

Ab Hierscht 2018 wäert den INFS eng Rëtsch Update-Coursen ubidden (z.B. Ambulancier → SAP2), wou déi betrafte Leit sech unhand vum Formatiounskalenner no perséinlecher Disponibilitéit an Interesse aschreiwé kënnen.

Eng aner Méiglechkeet ass d'Validation des Acquis d'expérience VAE. Bei dëser Prozedur muss all Kandidat eng perséinlech Demande stellen déi dann vun enger Kommissioun gepréift gëtt.

- **Wéi ass et mat de Memberen, déi net d'Formatiounskonditiounen no de Reglementer vun 2010 erfëllen ?**

Memberen ouni BAT1- oder Sauvetage-Diplom, déi schonn méi laang wéi 5 Joer dobäi sinn a soumadder net d 'Konditiounen vun de Reglementer vun 2010 erfëllen, kënnen am CGDIS den Emploi als „Équipier INCSA Stagiäre“ kréien, wann si e gëldegen FIS I Diplom hunn. Innerhalb vun der Iwwergangszäit vun 2 Joer mussen dës Persounen d 'Ausbildung FIS II nomaachen. Dëse Leit steet och d 'Méiglechkeet vun der VAE op.

Leit déi nach net esou laang an de Rettungsdéngschter aktiv sinn an doduerch nach keen BAT1 oder Sauvetage gemaach hunn, kënnen am CGDIS dann déi néi Formatiounen maachen an esou um normale Wee an hirer Carrière avancéieren.

- **Wéi wäert d 'Formatioun continue fir den First Responder ausgesinn?**

Et sinn 8 Stonnen Formation continue pro Joer virgesinn, esou wéi dat haut schonn de Fall war.

- **Wei eng Formatioun brauche Leit déi nëmme First Responder wëlle fueren?**

Leit, déi just First Responder fuere wëllen, mussen am CGDIS de « Cours d'Initiation Commun » (CIC) esou wéi och de « SAP1 » maachen. Leit, déi eng gewësse Kenntnis duerch hire Beruff oder Ausbildung am medizinesche Beräich hunn (z.B. Infirmier), kënnen sech dës Formatioun (oder en Deel dovunner) iwwert d 'Prozedur vun der "Validation des Acquis" beim INFS urchne loossen oder och als fräiwëllegen Infirmier oder Dokter bei der Direction médicale et de la santé matschaffen.

- **Dierf ech mam « alen » FR-Cours weiderhi First Responder fueren ?**

Jo, virausgesat, datt ee reegelméisseg d 'Formation continue matmécht.

- **Wéi eng Formation continue am „wäisse Beräich“ muss ee Pompjee maachen, dee keng SAP-Ausbildung huet?**

Als Minimum muss all Pompjee all 5 Joer den néien Éischt Hëllef Cours vu 16 Stonne widderhuelen. Wann ee Pompjee seng Formation continue am SAP-Beräich mécht (z.B. als First Responder), sou gëtt dës natierlech amplaz vum Éischt Hëllef Cours ugerechent.

All déi aktuell schonn aktiv Pompjeeë musse kee SAP1 nomaachen. Dëst gehéiert just an Zukunft zur Grondausbildung vun néie Memberen am CGDIS, fir datt all Member eng Grond Formatioun am „wäisse Beräich“ kritt.

- **Wéi ass et mam SAP3?**

Dëse Cours befënnt sech aktuell an der Ausschaffung an an der Validatioun mat den néidegen Instanzen. Soubal dëst ofgeschloss ass, wäert de Cours offiziell ugebuede ginn.

Operationell Organisatioun am CGDIS

- **Wéi ass et mat de Chef de Zone?**

D 'Chef de Zone gi vum Conseil d'Administration vum CGDIS ernannt. Dës Nimm ginn no der Nominatioun un d' CIS kommunizéiert.

- **Wei ass et mat Corpsen, déi vu verschiddene Standpunkte fortfueren?**

Corpsen déi haut duerch déi geographesch Begebenheete vu méi Standpunkten aus fueren, wäerten dëst och an Zukunft kënnen weider maachen. Bei der Integratioun vun den eenzele CIS iwwert déi nächst 2 Joer ginn dës speziell Fäll zesumme mat deene jeeweilege CIS diskutéiert an analyséiert a just wann néideg, am gemeinsamen Accord Upassunge gemaach.

- **Wat geschitt bei enger Inaptitude fir den Otemschtz, dierf ech dann nach mat op en Asatz fueren?**

Wann een duerch de Medico eng Restriktioun op den Otemschtz huet, soss awer nach Apte geschriwwen ass, däerf een och am CGDIS weider esou wéi haut mat op den Asatz fueren an do eng Positioun anhuelen, fir déi een net zwéngend Otemschtz brauch.

Am CGDIS gëtt am Kader vum Rekrutement fir déi „rout“ Säit verstärkt op den Otem Schutz Wäert geluecht, fir den Undeel un Otemschtzdréier lues a lues ze erhéijen.

- **Wéi ass et an Zukunft mam Wiessel vum Jugendpompjee bei déi operationell Pompjeeën?**

De Reglement Grand-Ducal iwwert de Pompier volontaire gesäit fir, datt all Jugendpompjee ab dem Dag wou en 15 Joer kritt, un den Übungen a Formatioune vun den aktive Pompjeeën däerf deelhuele. Ab dem Dag wou en 16 Joer kritt, dierf de jonke Pompjee dann och aktiv mat op Asatz fueren, ënnert der Konditioun, datt en déi néideg Formatioune fir den Emploi „Equipier Stagiaire INCSA“ (FIS1) oder „Equipier Stagiaire SAP“ (SAP1) huet. Dës Course kann de Jonke schonn ufänken a senger Zäit als Jugendpompjee ze maachen.

Et muss een awer net zwéngend direkt mat 16 Joer an den aktiven Déngscht eriwuer wiesselen. D'Jugendpompjeeën, déi mat 16 Joer nach net prett si fir dës Schrëtt, hunn d'Méiglechkeet zwee weider Joer (bis 18 Joer) an der Jugend ze bleiwen a – wann néideg - esou besser op de Wiessel virbereet kënnen ze ginn.

- **Wéi ass et mat den haitegen Altersgrenzen?**

Am Kader vum CGDIS ass virgesinn, déi aktuell bestoend Altersgrenz vu 65 Joer fir den aktiven Déngscht bzw. vu 55 Joer fir den Otemschtz ewechzuelen an dëst just nach un d' Aptitudë vum Medico ze hänken. Dëst gëllt allerdéngs eréicht ab deem Moment, wou dat néit Reglement Grand-Ducal iwwert déi Fräiwëlleg verëffentlecht ass an d' Reglementer vun 2010 ersetzt.

- **Muss ee Pompier de Support och ee Medico hunn?**

Och de Pompier de Support brauch ee gëltege Medico, well dësen och Aktivitéiten am Numm vum CGDIS iwwerhëlt. Heifir ass den Examen médical awer vill manner restriktiv wéi z.B. fir een operationelle Pompjee. Et muss een als Pompier de Support och net all 2-3 Joer zeréck bei de Medico

goen, dëst ass just op Demande vum Medicosdokter néideg oder wann d 'Persoun erëm zeréck an den aktiven Déngscht wiessele wéilt.

- **Wei ass et mat de Réckmeldungen (Ich komme, Ich komme nicht) déi een iwwert de Piipsert ka maachen?**

D'Réckmeldung iwwert de Piipsert funktionéieren an den Opérateur um CSU 112 kann och gesinn, wéi vill Leit op de Message geäntwert hunn. Doduerch dass den Délai zwëschent der SMS an dem Piipsert awer relativ laang ka sinn, kann dës Réckmeldung, ob ee kennt oder net, allerdéngs duerch den CSU 112 net ëmmer als sécher Source benotzt gi fir feststellen, wéi vill Pompjeeën op den Asaz kommen.

Am Kader vum néie Portail CGDIS gëtt dofir aktuell un anere Léisunge geschafft (Disponibilitéitsmeldung, App fir den Handy, etc.), fir den aktive Leit um Terrain an awer och dem CSU 112 dëst méi einfach ze maachen an méi eng grouss Planungssécherheet bei der Disponibilitéit vun de Fräiwëllegen ze kréien.

- **Wéi ass et an Zukunft mat den Indemnitéiten an de Congé fir d 'Memberen an d'Kadere?**

Am CGDIS sinn national eenheetlech Indemnitéite fir d 'Memberen an d'Kadere vun de CIS virgesinn. D 'Direktioun vun der ASS huet eng Propose ausgeschafft, déi vum Verwaltungsrot vum CGDIS a vum Regierungsrot muss accordéiert ginn an da kann un d'CIS kommunizéiert ginn.

De Congé spécial fir d 'Memberen, d'Kadere an aner Fonktiounen bléift esou wéi haut bestoen (→ Art. 41-49 vum Gesetz iwwert de CGDIS vum 28.03.2018)

- **Kann de First Responder an Zukunft iwwert d 'Gemegegrenzen eraus alarméiert ginn?**

Vu datt duerch d 'Gesetz vum CGDIS d 'Gemegegrenze fir d'Rettungsdéngschter ewechfalen, wäert an Zukunft de First Responder och iwwert d 'Gemegegrenzen eraus kënnen alarméiert ginn, dëst awer just do wou et och operationell sënnvoll ass.

Am Kader vum Plan National d'Organisation des Secours gëtt zousätzlech evaluéiert, ob et weider Plazen am Land ginn, wou ee First Responder géing Sënn maachen.

Chaîne de Commandement

- **Wéi laang ass d 'Ernennung als Chef de Section/Chef Peloton gülteg?**

An der Iwwergangsphase sinn déi éischt Nominatiounen allegueren op 2 Joer limitéiert. Dës kënnen dono awer selbstverständlech verlängert ginn.

- **Wee kann an Zukunft alles Chef de Peloton ginn a wien décidéiert wéini Plazen ausgeschriwwen ginn?**

Fir den 1. Juli unzufänken, gëtt den éischte Pool u Chef de Peloton aus de Reie vun den heitege Chef de Corpsen (adj.) a Chef de Centre (adj.) zesummegehallt, déi all d 'Formatiounen erfëllen (min. BAT2 + Brevet de secouriste-Sauveteur + Cours ARI + Perfectionnement à la chaîne de commandement + XVR).

All Gruppement soll ab dem 1. Juli opmanst 1 Chef de Peloton 24h/24h stellen, béi Disponibilitéit kënnen der och 2 gestallt gi fir eng besser zäitlech Ofdeckung vum Secteur.

Am Fall wou d'Zil ëfters net kann erreecht ginn, wäerten Direction de la Coordination Operationelle (DCO) zesumme mam jeeweilege Chef de Zone analyséieren, wéi vill Chef de Peloton feelen, fir zu 100% operationell ze sinn.

Am CGDIS wäerten natierlech och weiderhi Formatiounen fir de Sektionschef (COM2) a Pelotonchef (COM3) ugebuede ginn.

- **Dierf ech als Chef Peloton och an engem anere Gruppement fueren?**

An enger éischer Phase ginn d 'Chef de Peloton pro Groupement alarméiert. Bei engem gréisseren Asaz kënnen natierlech awer d 'Chef de Peloton aus dem Noper-Gruppement als Renfort geruff ginn.

- **Wéi kann ech nom 1. Juli Sektionschef ginn?**

De Besoin u Sektionscheffen an engem CIS gëtt gemeinsam tëscht dem Zenterchef, dem Chef de Zone an der Direction de la coordination opérationnelle fest geluecht. Wa weider Sektionscheffen an engem CIS gebraucht ginn, fir 24h/24h ee Sektionschef disponibel ze hunn, kënnen Leit aus dem jeeweilege CIS déi néideg Formatioun (COM2) maachen a kréien dann och d 'Nominatioun als Sektionschef.

- **Muss een als Sektionschef zwéngend aktiven Otemschutzdréier sin?**

Nee, d'ëst ass keng zwéngend Voraussetzung.

Eng Konditioun fir am CGDIS sech als néie Sektionschef ze mellen (also wann een d'ëst haut nach net ass), ass allerdéngs, datt een am Laf vu senger Pompjeescarière eng Kéier aktiven Otemschutzdréier war an d'ëst Erfahrung konnt sammelen.